

Käerjeng, 5 Mäerz 2023

déi gréng Käerjeng

Aus Aktualitéitsgrënn huelen déi gréng Käerjeng Positioun zu de rezenten Entwécklungen am Projet Contournement vu Bascharage.

Déi gréng Käerjeng sti weiderhin hannert dem Projet vun engem Contournement vu Käerjeng fir d'Liewensqualitéit vun den Awunner*innen aus der Gemeng ze verbesseren, virun allem deenen aus der Lëtzebuerger Strooss. Ouni eng Ëmgeungsstrooss kënnen weder de Verkéier nach d'Ofgasen zu Bascharage substantiell reduzéiert ginn; selbstverständlech muss de Réckbau vun der Avenue de Luxembourg un dëse Projet gekoppelt ginn.

Déi gréng Käerjeng hunn sech awer och ëmmer dofir agesat, datt den Impakt op d'Natur esou kleng wéi méiglech gehale muss ginn an datt déi néideg Kompensatiounen Deel vum Projet musse sinn. Et geet drëms, e gudden Equiliber ze fannen tëschent dem Bau vun enger Strooss fir d'Liewensqualitéit vun de Käerjenger Bierger ze verbesseren an dem Impakt op eis Natur an Ëmwelt. **Déi nei virgestallte Propose vum Mobilitéitsminister François Bausch a vun der Ëmweltministesch Joëlle Welfring séichert all dës Ziler of a stellt als solches e gudde Kompromëss am Sënn vun de Käerjenger an de Suessemer Bierger*innen duer.**

Wichtig ass et drun ze erënneren, dass et de **Verdénkscht vun der blo-rout-grénger Regierung** ass, dass de Contournement op d'Schinn gesat gouf. **Et ass e gréng Mobilitéitsminister, deen de Projet iwwerhaapt mol richteg ugepaakt, d'Finanzéierung séchergestallt an och duerch all d'Instanze bruecht huet.** Déi Legislaturperiode virun ass héchstens driwwer geschwat ginn awer näischt Konkretes op de Wee bruecht ginn.

Et brauch eng gutt Infrastruktur fir d'Mobilitéit douce an den ëffentlechen Transport, mee de motoriséierten Duerchgangsverkéier muss och aus den Uertschaften eraus. **An der Mobilitéitsstrategie fir 2035 vum Transportministère steet de Contournement explizitt dran,** well et een Deel vun der Léisung ass fir de Verkéiersprobleem am Kordall am Speziellen, an

deen am Süden am Allgemengen. Dofir sinn d'Kriticken, datt de Contournement dout wär net nozevollzéien.

Déi nei Variant huet eng Rei Virdeeler par Rapport zu den alen Proposen:

- De Staat geet juristesche Problemer aus dem Wee an domat gëtt net weider wäertvoll Zäit viru Geriicht verluer an souguer e kompletten Baustopp riskéiert;
- Quasi alleguerten d'Terraine si schonn an ëffentlecher Hand soudass manner Zäit fir d'Acquisitioun vun Terraine verluer geet;
- Den Impakt op d'Natur gëtt op e strikt noutwennege Minimum reduzéiert.

Fir séier mam Projet Contournement Käerjeng virunzekommen, ass eng gutt Zesummenaarbecht a Kommunikatioun tëscht Staat an de betraffene Gemengen enorm wichteg.

Déi gréng Käerjeng stinn enger Tunnelvariant positiv géigeniwwer, allerdéngs ass et wichteg, datt déi ganz Prozedur elo net ze laang dauert an et muss kloer sinn, datt déi nei Variant op séchere Féiss steet. **Mir wäerten eis weider konstruktiv an der Realiséierung vum Projet abréngen a mathëllefen fir d'Liewensqualitéit vun de betraffenen Awunner*innen séier ze verbesseren an d'Ëmgestaltung vun der Avenue de Luxembourg virunzedreiwen.**

Kontakt:

Josée-Anne Siebenaler-Thill. Présidente de la section déi gréng Käerjeng